



eenzelne Fäll hëllefen, fir eng Strofverfolgung ze maache mat enger gewëssener Chance op Succès. An dat huet eis och schliesslech dann decidéiert, fir op deem franséischen Text eis festzehalen.

Ech wëll just nach ervirsträichen, dass natierlech bei esou engem Ausschluechte vun enger Schwächt vun enger Persoun et de penale Wee gëtt, mä et natierlech niewendrun och weider méiglech ass, zivilrechtlech virzegoen. Ech mengen, eise Code civil gëtt eng Rei vu Méiglechkeeten, fir Verträge oder aner juristesche Akten ze annulléieren, wa gewësse Konditiounen erfëllt sinn.

An et besteet natierlech och d'Méiglechkeet, fir Schuedenersatz ze froen, wann een duerch en Akt vun engem aneren zu Schued komm ass, sou dass een also sech net brauch bei esou Fäiten ze beschränken op dee reng penalen Aspekt, mä dass och deen zivilrechtlechen Aspekt spillt a sécherlech natierlech och en Zesummenhang elo besteet tëschent dem Wee vum Strofrecht an dem Wee vum Zivilrecht, well normalerweis jo och eigentlech, wann eng penal Prozedur leeft, zivilrechtlech kann definitiv tranchéiert ginn, wann och um penale Plang eigentlech eng Décisioun geholl ginn ass.

Dat gesot, wëll ech hei och ausdrécklech den Accord vu menger Fraktioun zu deem doten Text abréngen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bodry. Als nächste Riedner ass den Här Braz agedroen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Här President, ech wëllt fir déi gréng Fraktioun dem Rapporteur an och dem President vun der Kommissioun, wéi d'Madame Polfer dat och scho gemaach huet, Merci soe fir déi Diskussioun op dësem, wéi mir fannen, ganz wichtige Projet, deen eigentlech erstaunlech spët kennt.

Den Här Bodry huet recht, mir hunn eis fir d'Diskussioun vläicht déi Zäit geholl, déi noutwendeg war, mä et ass schonn erstaunlech, dass esou eng wichteg Notioun wéi déi vum Abus de faiblesse erëischt 2013 an de Lëtzebuerger Code pénal ageschriwwen gëtt. Gutt, dat gëtt haut heimmadder gemaach. Dat ënnerstëtze mir ausdrécklech. An ech mengen, ech brauch dofir d'Wierder vun de Virriedner net ze widderhuelen, déi ware ganz exhaustiv.

Ech bréngen domadder och just d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Braz. Ech hu soss keng Wuertmeldung méi, mä da kritt nach de Justizminister François Biltgen d'Wuert.

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice*.- Sou, Merci, Här President! Dir Dammen an Dir Hären, ech soen emol virun allem de Membere vun der Chamber, virun allem dem Rapporteur, Merci, dass mer dee Projet konnte relativ séier boucléieren. Politesch si mer eis all eens. Mä et war awer technesch net esou evident ëmmer am Detail. Dofir wëll ech nach eng Kéier dem Lucien Weiler Merci soen, dass en op déi eenzel Detailler aangaan ass.

Ech wëll och hei eppes soen, wat ech, hoffen ech, och zum Schluss vun dësem Dag ka soen, nämlech dass et eis geléngt, dat ass och ëmmer mäin Ziel, an der Commission juridique ze kucken, net Majoritéit géint Opposition ze diskutéieren, mä all zesummen als Membere vun där Commission juridique zesumme mam Minister Texter ze maachen, déi mer gutt fannen, an Texter ze maachen, déi e largé Konsensus kréien.

Alles, wat mat Droit ze dinn huet, huet eppes mat Gesellschaftspolitik ze dinn. A mäi Souci ass et, ëmmer erëm ze kucken, dass mer zesummen diskutéieren, een op deen aneren aginn an herno Texter maachen, wou mer net ëmmer Unanimitéit kréien - hei ass emol Unanimitéit, et kritt een net ëmmer Unanimitéit, dat kann och net ëmmer sinn -, mä dass een awer kuckt, e largé Konsens ze kréien.

Ech sinn och an deem Sënn ganz frou, dass den Alex Bodry hei e Saz gesot huet, deen ech viru Kuerzem och gesot hunn,...

(*Brouhaha*)

...wéi ech gesot hunn, mir missten eng Debatt iwwert d'Waffen zu Lëtzebuerg féieren: dass ech ebe gären hätt, dass een d'Debatte féiert, net wann iergend e Fait divers geschitt ass an een da mengt, et misst een iergendeppes maachen, mä dass een d'Debatte féiert, well se wichteg sinn, net waart, bis dass se onëmgänglech sinn, mä se virzitt.

An an deem Sënn sinn ech natierlech - elo muss ech hei erëm e bësse laachen, awer gäre laa-

chen -, sinn ech da frou, dass ech hei net op d'Madame Bettencourt, mä op d'Madame Polfer reagéiert hunn.

(*Brouhaha*)

► **Une voix.** - Oh!

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice*.- An et ass effektiv esou gewiescht, wéi d'Madame Polfer gesot huet, dass se gesot huet: „Ech hunn e Souci“, an ech hir gesot hunn: „Ech deelen dee Souci, a kommt, mir kucken dat ze maachen!“ Ech hunn net vun haut op muer aus der Héft geschoss, mä mir hunn deen Text gemaach. An ech mengen, mir hunn hei eppes gemaach, wat wichteg ass, a mir hunn eben net opgrond vun engem Fait divers reagéiert. Mir hunn eis d'Méi ginn ze kucken: Wat huet d'franséisch Gesetz? Wat huet d'belscht Gesetz? Wat sinn d'Avantages an d'Désavantages? A mir hunn et, wéi esou oft, fäerdegbruecht, dann eng kleng Lëtzebuerger Solutioun ze fannen, wou mer positiv Saache vun deem engen an aneren iwwerholl hunn, awer net déi negativ Saachen.

An ech mengen, et ass och eng Aarbecht, déi d'Leit dobaussen net matkréien, déi an der Commission juridique geschitt, dat e bësselche méi kleng iwwer Kommaen diskutéieren, mä déi herno wichteg sinn, wann et drëms geet, en Text ze applizéieren.

Et ass evident, an et ass schonn oft hei ugeklongen, dass mir zu Lëtzebuerg, notament bei deenen Eelern e Problem hunn, dass een ausgeholl ka ginn. Mir sinn zu Recht ganz hoffreg drop, dass mer kee Problem vun Altersarmut hunn. Et gëtt och Eelerer, déi aarm sinn, mä mir hunn eigentlech kee Problem vun Altersarmut. Mir hunn e Problem bei der Aarmt vun deenen Elengerzéienden. Bei Altersarmut hu mer eigentlech kee Problem, wat awer mat sech bréngt, dass vill Leit wëllen déi Eeler, déi gutt Pensiounen hunn a gutt lerschaften nach gemaach hunn, wëllen aushuelen. An dofir ass et wichteg, dass mer hei e Rigel virschieben.

An et ass schonn e puermol haut ugeklongen, dass selbstverständlech zivilrechtlech Moosnamen do sinn. Mä eng vun deenen Iwwerzeegungen, déi ech hat, wéi ech den Text déposéiert hunn, ass, dass dat Zivilrechtlecht oft net duergeet. Mir sinn amgaangen an der Commission juridique, zum Beispill ze diskutéieren och iwwer e Regierungsprojet, dee seet, wat fir eng Professionen net kënnen Donatiounen kréie vu Leit, déi amgaange sinn ze stierwen, fir dat emol esou ze soen, wéi et ass: lerschlächerei.

Dat ass natierlech ganz schwiereg ze soen, et ass déi Profession an déi aner. Ech mengen, mir diskutéieren nach weider iwwert deen Text. An dofir war ech der Meenung, dass, wa mer dat Strofrechtlecht maachen, dat Zivilrechtlecht zum Deel och méi einfach gëtt, well wann ee strofrechtlech condamnéiert ass, dann ass et méi einfach herno, zivilrechtlech eppes réckgängeg ze maachen.

Wéi gesot, dat dispenséiert eis net, déi zivilrechtlech Dispositiounen weider ze diskutéieren, mä ech mengen, hei hu mer awer iwwert dat Strofrechtlecht e wesentlech Element gemaach, fir ze kucken, dass net verschidde Leit wierklech - ech soen dat elo emol einfach esou, Här President - ugeschass ginn, well esou ass et an der Realitéit.

(*Interruption*)

Jo, mäin Exposé des motifs ass zitéiert ginn. Ech komme vun Esch, ech sinn net gewinnt, laanscht d'Problemer ze goen, an d'Problemer si leider, wéi se sinn. An och, Madame Polfer, ech gehéieren och zu de Babyboomer, och mir gi leider eng Kéier al, awer haut si mer et nach net.

(*Brouhaha général*)

Mä et kennt. Et kennt méi séier vläicht, wéi mer mengen. Sou.

► **Mme Lydie Polfer** (*DP*).- Also, wa mer Chance hunn, hein!

(*Interruption*)

Well een, deen net wëllt al ginn, dee muss fréi stierwen, dee muss jonk stierwen. Dofir, loosse mer eis déi Chance nach oploossen.

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice*.- Voilà, also nach eng Kéier gesot, ech si frou, dass mer hei déi Unanimitéit hunn. Ech hoffen och, dass deen Text eng gewësse Publicitéit kritt, fir dass et eng Partie Leit ofhält, fir ze mengen, mat notament - net nëmmen, mä notament - eelere Leit onkauscher Geschäfte ze maachen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Justizminister. Domadder wäre mer um Enn vun dëser Diskussioun a mir kéimen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6444A et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6444A ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert (par M. Marc Lies), Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner (par M. Fernand Etgen);

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché);

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

MM. Jean Colombero et Jacques-Yves Henckes;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Dann ass dat esou decidéiert.

Ech géif dann d'Wuert ginn dem Här Alex Bodry fir den Dépôt vun enger Resolutioun.

3. Dépôt d'une résolution par M. Alex Bodry

Exposé

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*), *auteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt en Text vun enger Resolutioun hei deponéieren, wou mer de Prinzip festgehalen hāen an enger vun de leschte Sitzunge vun eiser Commission d'enquête iwwert de Service de Renseignement, wou mer da gemeinsam eigentlech an eestëmmeg der Meenung waren an där Kommissioun, dass mer eis initial Missioun, déi mer hei vum Plenum kritt hunn, eis selwer eigentlech ginn hunn am Dezember d'lescht Joer, dass mer déi missten à la fois kompletéieren an och preziséieren.

Dat probéiere mer dann hei ze maachen an engem Text, dee souwäit ofgeschwat ass mat de Membere vun der Kommissioun, deen also och eng ganz Rëtsch vun Ënnerschrëften niewent menger hei dréit, e bëssen duerch all Fraktiounen, a wou mer géife virschloen, fir eis initial Missioun auszedeihen op d'Missionen, d'Organisation an de Fonctionnementsmodus vum Service de Renseignement, dass mer ausdrécklech an d'Missioun vun der Commission d'enquête an d'Kontroll vun deem Service mat eranhuelen an dass natierlech déi dote Froen alleguete solle gekuckt ginn zesumme mat eiser éischter Missioun, dat heescht am Fong d'Méthodes opératoires vun deem Service ze analyséieren an d'Legalitéit ze préieren an engem eenheetleche Rapport, wou all déi Aspekter do géifen zesumme gekuckt ginn, mat deene Konklusiounen, déi vum Gesetz virgeschriwwen sinn.

Dat ass am Fong a kuerze Wieder den Inhalt vun där heiter Resolutioun, an ech wär frou, wa mer haut do kéinten driwwer ofstëmmen.

Résolution

La Chambre des Députés,

- se référant à la résolution du 4 décembre 2012 relative à l'instauration d'une commission d'enquête au sujet de l'examen des méthodes opératoires du Service de Renseignement depuis sa création;

- considérant qu'il appartient en vertu de la loi à la Chambre des Députés de déterminer les faits qui sont à la base de l'enquête et de définir la mission de la commission d'enquête;

- considérant que les travaux menés par la commission ont fait apparaître la nécessité d'élargir et de préciser la mission d'enquête initiale;

- considérant qu'il est indiqué d'élargir le champ d'investigation de la commission d'enquête aux missions du service, à la collecte et au traitement

des informations, au budget ainsi qu'au personnel du Service de Renseignement;

- considérant qu'il est également souhaitable que la mission d'enquête englobe la question du contrôle du Service de Renseignement;

décide

- de compléter la mission initiale de la commission d'enquête instaurée le 4 décembre 2012 en l'élargissant aux missions, à l'organisation et au mode de fonctionnement du Service de Renseignement;

- d'incorporer dans la mission d'enquête de la commission la question du contrôle dudit service;

- d'intégrer les conclusions de la commission d'enquête sur les aspects supplémentaires de la mission dans le rapport à soumettre à la Chambre des Députés.

(s.) Alex Bodry, François Bausch, Gast Gibéryen, Claude Meisch, Paul-Henri Meyers, Serge Urbany.

4. Ordre du jour

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bodry. Ech géif proposéieren, datt mer am Laf vum Nomëtteg iwwert déi Resolutioun...

(*Interruption*)

Jo, se misst awer vläicht de Memberen ausgedeele ginn. Mir kënnen och direkt ofstëmmen,...

(*Interruption*)

...mä ech géif awer proposéieren, mir solle fir d'Éischt den Text eng Kéier ausdeelen an dann am Laf vum Nomëtteg driwwer ofstëmmen.

Den nächste Punkt vun haut de Mëtteg ass de Projet de loi 6408 géint d'Abus sexuels. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht, an et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Bodry, Braz an Henckes.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

5. 6408 - Projet de loi relative à la lutte contre les abus sexuels et l'exploitation sexuelle des enfants et portant modification de plusieurs dispositions du Code pénal

Rapport de la Commission juridique

► **M. Gilles Roth** (*CSV*), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dem Gesetzesprojet 6408 verschäerfe mer eis Strofgesetzer géint de sexuelle Mëssbrauch an déi sexuell Ausbeutung vun de Kanner. Mir verstärken och de Kampf géint d'Kannerporno-graphie.

Eng éischt Serie vu strofrechtliche Moosnamen an dësem Beräich hu mir schonns am Juli 2011 geholl am Kontext vun der Emsetzung vun der sougenannter Konventioun vu Lanza-rote iwwert de sexuelle Mëssbrauch vu Kanner. Déi gesetzlech Upassung vun haut huele mir opgrond vun enger europäescher Direktiv aus dem Joer 2011. Lëtzebuerg kritt domat weltwäit eng vun de strengste Législatiounen am Kampf géint de sexuelle Mëssbrauch vu Kanner.

Här President, konkret geet et ëm folgend Upassungen an eisem Code pénal: Éischstens, bei dem sougenannten Attentat à la pudeur, engem Ugrëff op d'Schimmt, deen ouni Gewalt oder Bedrohung ausgeübt gëtt, geet d'Prisongstrof vun elo aacht Deeg bis zu engem Joer erop, fir an Zukunft bei engem Mount bis zwéi Joer ze leien.

Als Attentat à la pudeur bezeechent een zum Beispill een onsittlecht Beréiere vun enger Persoun géint där hire Wëllen, zum Beispill enger Fra ënnert d'Jupe ze fueren. Gëtt esou eng onsittlech Handlung géintivwer engem Kand vu manner wéi 16 Joer verübt, da stinn dorop bis zu fënnef Joer Prisong; wann d'Affer manner wéi eelef Joer huet souguer bis zu zéng Joer.

Zweetens, de Gesetzesprojet, iwwert dee mir haut ofstëmmen, féiert och zwou nei sougenannte Circonstance-aggravantes an, also schwéier Tatëstänn, am Kontext vum dem Attentat à la pudeur a vu Vergewaltungen. Et ass dat de Fakt, dass dës Strofdoten am Kontext vun enger krimineller Organisatioun gescheien, respektiv dass d'Affer ee Kand ënner 18 Joer ass, deem ee gravé Préjudice zougefuegt gëtt, dass et also e schwéiere Schued erleit. Sou steet op enger Vergewaltung, also engem sexueller Geschlechtsakt géint de Wëlle vun enger Persoun, am Kontext vun enger kriminell organisierter Band eng maximal Prisongstrof



vu bis zu 20 Joer. Op enger Vergewaltigung vun engem Kand vu manner wéi 16 Joer, wat doduerch e schwéiere Schued erleit, stinn an Zukunft bis zu 30 Joer Prisong.

Drëttens, am Beräich vun dem Proxénétismus, der Zuhälterei, ginn nei Tatbestänn agefouert. De Fakt, dass e mannerjähregt Kand, also eng Persoun ënner 18 Joer, rekrutéiert gëtt oder forcéiert gëtt, engem pornografesche Spektakel bäizewunnen, zum Beispill op enger öffentlecher Bühn sech plakeg ze presentéieren, mat oder ouni sexueller Handlung, gëtt mat enger Prisongsstrof vu bis zu fënnf Joer bestrooft. Därselwechter Strof ënnerläit och deen, deen e Profit aus deem Spektakel zitt, zum Beispill Entréesgeld dofir kasséiert.

Ebenfalls strofbar - mat bis zu fënnf Joer Prisong - mécht sech déi Persoun, déi engem öffentleche Spektakel bäiwunnt, wou eng Persoun ënner 18 Joer sech plakeg ausdeet. Si bei deem Spektakel Kanner vu manner wéi 16 Joer bedeelegt, geet déi maximal Prisongsstrof op zéng Joer erop. Assistéieren ech engem öffentleche Spektakel, zum Beispill an engem Cabaret, wou e Kand vu manner wéi eelef Joer sech plakeg ausdeet, riskéieren ech an Zukunft bis zu 15 Joer Prisong.

An der Commission juridique ass iwwert d'Fro diskutéiert ginn, wéi wäit ee muss Kenntnis dovun hunn, dass et sech hei ëm e Mannerjähregen handelt, deen an dem Spektakel matwierkt. Hei spillen déi allgemeng Regele vun eise Strofrecht. Wann ee wousst, dass et ee Mannerjähregen ass, deen de Spektakel opféiert, respektiv hätt misse wëssen, dass eng mannerjähreg Persoun deelhält, da spillt d'Strofdot.

Bis zu fënnf Joer Prisong riskéiert och deen, deen e Mannerjähregen zwéngt, sexuell Aktivitéite mat enger Drëttpersoun ze hunn, respektiv se bedroht, un esou Aktivitéite mussen deelzehuelen.

Véiertens, Persounen, déi sech der Zuhälterei oder anere Sexualdelikter op mannerjährege Kanner schëlleg gemaach hunn, kënnen niewent hirer Strof an Zukunft och e liewenslänglecht oder zäitlech begrenztt Verbuet ausgesprach kréien, fir eng berufflech oder bënnevole Aktivitéit auszeüben, wou si a Kontakt mat Kanner sinn. Dorënner falen zum Beispill de Beruff vun Schoulmeeschter, dem Educateur, Aktivitéiten an enger Crèche, grad wéi och en Traineramt an engem Sportsveräin, en Dirigent vun engem Jugendorchester, engem Kannerchouer oder zum Beispill e Scoutschef.

An der Commission juridique ass d'Fro opgeworf ginn, wéi et da mat der Responsabilitéit géif stoe vun dem Employeur oder dem Veräin, deen esou e virbestrooft Täter géif astellen. Hei spillt déi strofrechtlech Responsabilitéit vun dem Patron respektiv dem Veräin nëmme, wa si au courant ware vun der Condamnatioun a wëssentlech déi virbestrooft Persoun awer agefallt hunn.

Konkret wäert déi Situatioun geregelt gi mat dem Gesetzesprojet iwwert d'Reform vun dem Casier judiciaire, well domat an Zukunft all Patron, all Associatioun, déi eng Persoun rekrutéiert fir Aktivitéiten, déi e regelméisseg Kontakt mat Kanner hunn, ka mam Averstännis vun Kandidat en Extrait aus dem Casier froen, wou all Strofdote géintiwwer Kanner opgelëscht ginn. De Projet de loi iwwert de Casier däreft am Februar dëst Joer, dat heescht den nächste Mount, an dem Plenum zur Ofstëmmung kommen.

Fënneftens, strofbar mécht sech och deejéinegen, dee wëssentlech Filmer, Fotoen oder aner Drocksaachen zum Beispill keeft, tauscht oder ausléint, wou pornografesch Duerstellungen vu mannerjährege Kanner ofgebilt sinn. Hei steet eng Prisongsstrof vun engem Mount bis zu dräi Joer drop.

Sechstens, d'Commission juridique hat eng Entrevue mat de Justizautoritéiten a Vertrieder vun der Police, fir iwwer eng speziell Exigenz vun der Direktiv ze befannen iwwert d'Verbredung vu kannerpornografeschem Material am Internet. Konkret verlaangt déi europäesch Législation vun eis, dass Internetsäite mat pädophilem Material, déi hei am Land „gehost“ ginn, wéi een dat op Neilëtzebuerger seet, geläscht kënnen ginn. Mir mussen och derfir suergen, dass Internetsäiten, déi am Ausland ugesiedelt sinn, och kënnen geläscht ginn. Eng zweet Méiglechkeet ass do de Blocage vun esou Säiten.

D'Läschen oder d'Zerstéiere vu kannerpornografeschem Material op Lëtzebuergeschen Internetsäiten ass haut ouni Weideres méiglech iwwert de Wee vun den Artikelen 31.(1) a 66.

(1) vun dem Code d'instruction criminelle, déi betreffen d'Saisien. Ausserhalb vun eise Landesgrenze geet dat Läsche just iwwert de Wee vun enger Justizsummenaarbecht, dat heescht enger sougenannter „entraide judiciaire“. Als Iwwergangsléisung sollt et awer méiglech sinn, den Accès op esou Sitë vun hei aus ze blockéieren.

Duerfir mussen mir op de Wee goen an d'Gesetz vum 14. August 2000 iwwert den elektronischen Handel ofänneren, fir eise Justizautoritéiten et ze erlaben, besser op deem Niveau kënnen virzegoen. An deem Sënn ënnerstëtzt d'Commission juridique de Justiz- a Kommunikationsminister a sengen Efforten, d'Gesetz iwwert den elektronischen Handel unzepassen.

Fir de Rescht recommandéiert d'Justizkommission eestëmmeg, de Gesetzesprojet 6408 ze stëmmen. Ech soen alle Membere vun der Kommissioun an och eise Justizminister Merci fir hir konstruktiv Interventiounen.

Mir hunn elo e strengt Gesetz, mä dat an deem sensibelen Domän, dem sexuelle Mëssbrauch vu Kanner, méi wéi jee justifizéiert ass. Ech ginn duerfir och d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soenlech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Rapporteur Merci. Als éischte Riedner ass den Här Bettel agedroen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Här President, ech soenlech Merci. Ech soen och dem Här Roth Merci. Wéi e scho virdru gesot huet, et si verschidde Punkten, wou mer länger diskutéiert hunn. Dat wor déi ganz Informatiksproblematik. Et wor och de Problem vum Casier.

Wat ass d'Obligatioun vun enger Associatioun? Muss elo all Associatioun e Casier froen? Wat geschitt, wa se kee Casier freet? Mir sinn eis och eens ginn, an dat war berouegend, dass de Fait en connaissance de cause - dat heescht, dass d'Associatioun oder déi Persoun en connaissance de cause e Casier net gëtt an déi aner Persoun am Fong geholl Kompliz ass - ka bestrooft ginn, an net an anere Situatiounen.

Mir sinn eis eens och, Här President, dass en Acte sexuel, eng Aggressioun op engem Kand dat Schlëmmst ass, wat et an eiser Gesellschaft ka ginn, well dat sech meeschtens net ka verteidegen a Séquellen dréit, wou et keng Estimatioun ka ginn, well et mécht een engem d'ganz Liewe futti, andeems ee sech un engem Kand vergräift. Ech mengen, dass streng Strofen hei scho wichteg sinn. Et muss dissuasiv sinn, et muss...

Leit, déi u Kanner ginn, brauchen awer selbstverständlech och e Suivi duerno. Et geet net nëmme, fir se anzespären. Ech mengen, dass e Suivi médical och - a psychiatrique - immens wichteg ass virun der Sortie, well soss ass et eng Zäitbomm, déi tickt, wann Der esou Leit einfach esou erausloosst, ouni dass e Suivi organiséiert gëtt.

Wéi gesot, mat deene Garantien, déi mer vum Minister an och vum Rapporteur kritt hunn, dass et hei net drëms geet, dass e Fichage..., well, net dass et eng Présomptioun am Fong direkt gëtt an net, dass all Mënsch, dee gären e puer Stonnen an engem Turnveräin als Bénévole schafft, duerno scho mam Casier muss dohinner kommen. Dat heescht, et muss scho gutt erkläert ginn, firwat dat ass, an net, dass ee mengt, dass hanner all Bénévolen e Kriminelle sech verstoppt. Dat ass awer dee Message, deen op jidde Fall net vun hei dierf erauskommen.

Sou wéi ech et scho virdru gesot hunn, Här President, dat hei ass jo och nach en Text, dee mer jo vis-à-vis vun enger Direktiv hunn, a mir wäerten deen och als Fraktioun vun der Demokratescher Partei stëmmen.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bettel. Als nächste Riedner ass den Här Bodry agedroen. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och usäite vun der sozialistischer Fraktioun den Accord zu deem heiten Text, wou et sech jo awer ëm eng Ëmsetzung och vun enger europäescher Direktiv handelt.

Méi interessant effektiv ass hei, op dat anzegoen, wat am Rapport och drasteet. De Conseil d'État huet dat bemängelt. Ech mengen, mir sollten oppassen - et si jo ëmmer nach déiselwecht national Regierungen, déi am Fong och déi europäesch Texter mat hëllefen négociéieren -, dass déi Konkurrenz, déi an eenzelnen Domäne besteet tëschent dem Conseil de l'Europe op där enger Säit, deen traditionell déi doten Theme behandelt huet, an der Europäescher Unioun, déi ëmmer méi och an déi heite Beräicher eigentlech awierkt, dass sech

dat hei eigentlech net herno erëmispigelt an engem Wirrwarr vu Regelen, déi net honnertprozenteg openeen ofgestëmmt sinn.

Ech mengen, mir haten effektiv virun net allze laanger Zäit hei d'Konventioun vu Lanzarote ëmgesat an Nationalrecht. Dat war en Text vum Conseil de l'Europe. An hei hu mer zu engem ähnlechen Thema mat Iwwerschneidungen dann en neien Text vun der Europäescher Unioun. Duerfir, wéi gesot, mäin Appell un d'Regierung, fir matzehëllefen, derfir ze suerge mat deenen anere Regierungen, dass do eng gewësse Kohärenz an deenen internationalen Texter bleift, déi mer dann alleguerten hei mussen an Nationalrecht ëmsetzen.

Ech mengen, et ka keen haut dergéint sinn, opgrond och vun deene Gräisslechkeeten, déi ëmmer erëm geschéien, dass mer d'Strofmooss hei eropsetzen, deelweis verduebelen, wat gewëssen Infractiounen géintiwwer vu Mannerjähregen a vu Kanner betrëfft. Dat ass sécherlech hëllefräich, och wann ech net dru gleeuwen, dass esou Strofen onbedéngt ofschreckend wierken.

Wichtig ass et virun allem awer, dass mer eis hei d'Mëttele ginn, fir kënnen zu enger Strofverfolgung ze kommen a fir kënnen och zu enger Bestrofung schlussendlech vum Täter ze kommen, mat all deene Moossnamen, déi ronderëm kënnen opgebaut ginn, och net ze vergiessen awer mat der Méiglechkeet, fir och déi doten Täter esou wäit wéi méiglech erëm eng Kéier ze resozialiséieren.

Wou mer laang driwwer diskutéiert hunn a wou mer sécherlech nach wäerten Diskussiounen kréien, wa mer iwwert d'Gesetz iwwert de Casier judiciaire diskutéieren, dat ass déi Kontroll vun där Interdictioun, déi elo ka vu Gerichter an Zukunft gesprach ginn, wat elo net méiglech war, dass d'Gerichter eng Interdictioun eigentlech ausschwätze fir eng Persoun, fir ënner anerem och an engem soziale Beräich oder an enger éierenamtlicher Tätigkeet ze wierken, wou se an direktem a stännegem Kontakt mat Mannerjährege steet.

Dat ass also eng nei Form vu Strof, eigentlech Zousazstrof, déi ka verhaange gi vum Gericht. Déi gëtt net einfach ze kontrolléieren. Déi kann de Parquet ganz schwéier kontrolléieren, an natierlech Aussestehender, déi hunn et nach vill méi schwéier, fir de Respekt eigentlech vun där doter Interdictioun ze kontrolléieren. An do muss een, mengen ech, gemeinsam diskutéieren - do bleift eis nach e bëssen Zäit, well esou Strofe jo momentan nach net verhaange gi sinn -, fir ze kucken, wéi een dat do praktesch ëmsetzt, och am Zesammenhang mat der Reform vum Casier judiciaire, fir effektiv net Responsabilitéiten op eis sëllesche Veräiner zoukommen ze loossen, déi se einfach net kënnen assuméieren, well se dat net fäerdegbréngen eigentlech, dat zu honnert Prozent ëmzesetzen.

Dat bleift also eng Fro, déi mer mussen hei an aller Rou gemeinsam diskutéieren, fir do och mengen ech, eng pragmatesch an eng duerchsetzbar Léisung ze fannen. Dat gesot, mengen ech, wäert eis Fraktioun och deen heiten Text stëmmen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bodry. Als nächste Riedner ass den Här Braz agedroen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Félix Braz (déi gréng).** - Merci, Här President. Mir ënnerstëtzen och dese Projet de loi. Et ass wéi gesot d'Ëmsetzung vun enger Direktiv, déi awer op ganz ville Punkte sech iwwerscheit mat der Konventioun vum Conseil de l'Europe, der sougenannter Konventioun vu Lanzarote. Hei ginn eng ganz Partie Strofdoten ënner méi eng streng Strof gesat.

Mir sinn och domadder duerchaus d'accord an ënnerstëtze se, wellen awer just eng Bemerkung trotzdeem maachen. Ze mengen, dass een an deser Matière nëmme iwwert d'Strofrecht de Problem ka léisen, ass an eisen Aen net richtig. Dat ass kee Grond, fir net en anstänneg Strofrecht ze hunn. Dat gi mer eis haut jo och op ville Punkten. Mä trotzdeem, de Fall, wou en Iwwergrëff op Kanner gemaach gëtt vun engem Wëllfriemen - dat ass jo déi Angscht, déi vill Elteren oft hunn -, ass net d'Regel. Et ass éischter d'Ausnahm.

Et muss ee rappeléieren, dass sexuell Iwwergrëffer op Mannerjährege, op Kanner ganz oft, meeschtens an engem familiären Ëmfeld, an engem erweiderte familiären Ëmfeld stattfannen. Et ass also net d'Angscht virum onbekannten Täter, deen op der Strooss wahllos géif zuschloen; et ass leider oft am Ëmfeld vum Kand, wou den Täter ze fannen ass, an duerfir kann et net eleng d'Aufgab si vum Justizministère, dese Problem ze regelen. Hei sinn an eisen Aen och ganz kloer souwuel de Famillje-ministère wéi och den Erziehungsministère gefuerdert, fir iwwert de Wee vun Informatioun,

vun Oplklärung an de Schoulen an op anere Plazen déi Informatiounen ze véhiculéieren, d'Kanner duerch Wëssen an duerch Informatiounen ze stäerken, also preventiv virzegoe mat deene richtigen Informatiounen op deene richtige Plazen, fir bäizedroen, déi Strofdoten hei ze évitéieren.

De penale Volet ass noutwendeg, mir ënnerstëtzen en och, mä e léist de Problem net. Leider ass et e Problem, dee wéi gesot am méi noen Ëmfeld vun de Kanner oft stattfënn, an do mussen mer gezielt hëllefen ze informéieren, fir informéiert a gestärkte Kanner ze hunn, déi vläicht kënnen am richtige Moment déi richtige Reaktioun hunn, fir deen Iwwergrëff schlussendlech verhënnert ze kréien.

Ech soenlech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Braz. Als leschte Riedner ass den Här Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jacques-Yves Henckes (Onofhängeg).** - Merci, Här President. Och vu mir aus e grouse Merci un de Rapporteur, den Här Roth, deen déi ganz Problematik gutt explizéiert huet. Ech wëilt awer nach op zwee Problemer agoen.

Deen een ass dee vun der Assistance u Spectacles pornographiques. Ganz oft gesäit een, dass a verschiddene Länner - Frankräich, Belgien, fir déi ze nennen - et verbueden ass, dass Jonker assistéieren, wann deen Ablack iwwert d'Televisioun oder soss dohem pornografesch Filmer gespillt ginn. Dat schéngt mer hei am Fall och matabegraff ze sinn, mä et kann een nach e puer Doutten hunn. Duerfir wier et gutt, wann een och esou eppes géif verbidden.

Dann ass et och wichteg, dass een déi ganz Reglementatioun kuckt a praktesch duerchsetze kann, dass de Pädophilen, dee versicht, a Kontakt mat Jonker ze kommen, deen dat mécht iwwert d'Musek oder de Sport als Trainer, dass mer dat an de Grëff kréien, dass et effektiv kann duerchgezu ginn. Dat ass zumools de Fall, well ganz oft esou Leit an en anert Land schaffen ginn, well se an hirem Land schonn ënner Surveillance sinn. Duerfir mussen mer e Wee fannen, dass mer dat Ganzt wierklech un d'Droe kréien.

Dat ass vläicht méi séier um Pabeier gesot wéi a Realitéit ëmgesat, well dat bedéngt jo natierlech och, dass de Casier vun eventuelle Condamnatiounen och international kann zur Dispositioun stoen. Or, dass a verschiddene Länner net de Fall, well déi kee Casier hunn, an duerfir wäert och deen Échange mussen da gemaach ginn.

Bref, dat dote gëtt fir den Här Justizminister a fir d'Regierung nach e bësselchen Aarbecht. Mä dat gesot, ass et awer e gutt Gesetz, zumools, well mer eng Unicitéit kréien an de Condamnatiounen an och an der Aart a Weis, wéi de Libellé vun den eenzelne Strofdoten ass.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Henckes. Da kritt d'Wuert den Här Justizminister François Biltgen.

► **M. François Biltgen (Ministre de la Justice).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si ganz frou, dass mer dese Projet de loi hei kënnen haut stëmmen. Et geet ëm d'Ëmsetzung vun enger Direktiv, wou ech och well drop hiweisen, dass mer mëttlerweil an dem Ministère de la Justice esou wäit sinn, dass mer d'Direktive virun der Zäit ëmsetzen. Mir hu vill nogeholl, elo gëtt et méi einfach, fir an Zukunft derbäizebleiwen, well der vill do waren, an et kommen der och nach vill.

Ech wëll och do der Chamberskommissioun an och dem Président-rapporteur, dem Gilles Roth, Merci soen, well d'Leit menge jo ëmmer, Direktiv, dat war Copy-Paste! Esou einfach ass dat net ëmmer, a mir hunn eis vill Zäit drop ginn an ech mengen, mir hunn elo e gudden Text gemaach.

Ech hunn och hei drop gedrängt perséinlech, dass mer déi Direktiv esou séier wéi méiglech ëmsetzen, well jo eng Kéier virun e puer Méint esou weinst enger klenger Ännerung, déi kengem opgefällt ass an hirer Portée, déi awer direkt eng Incidence op e Fall hat, deen unhängeg war, esou erauskomm war, wéi wann d'Politik zu Lëtzebuerg, d'Chamber, d'Regierung sech net géife seriö asetze géint alles, wat Abus sexuel ass. Dir wësst, dass dat ee vu menge Chevaux de bataille ass, fir géint den Abus sexuel virzegoen. Ech si jo een, deen éischter liberal ass a strofrechtlecher Matière, mä hei, mengen ech, mussen mer ganz strikt sinn, an ech sinn och dofir frou, dass mer hei ganz séier déi Direktiv konntën ëmsetzen.

Et sinn e puer Froen gestallt ginn an dofir wëll ech e bëssen op déi agoen. Ech fänken elo e bësse mat deene klengen un.

Den Här Henckes huet gefrot iwwert d'Interpretatioun vum „spectacle pornographique“: Ech mengen, do mussen d'Parqueten och kënnen



schaffen. An Dir wësst, dass awer zu Lëtzebuerg d'Parquete ganz, ganz vehement sinn, fir ze kucke géint alles, wat Abus sexuel ubelaangt, géint alles, wat Pädopornografie ubelaangt - ech kommen duerno nach eng Kéier dorop zrëck -, wat wierklech e Fléau ass a wou ech muss soen, wou mer ganz gutt zesummeschaffen.

An net nëmmen d'Parqueten, mä och d'Parquete mat aneren Instanzen, wéi LISA Stoline - dat heescht haut zwar, mengen ech, aneschtens -, mä wou mer wierklech zu Lëtzebuerg ëmmer erëm zitëiert ginn als gutt Kollaboratioun, wann et drëm geet, fir op Internet esou Pädopornografie-Siten a -Réseauen d'Handwierk ze leeën. Ech mengen, dass dat scho wichteg ass, an ech mengen, hei maachen ech de Parquete Vertrauen zu Lëtzebuerg, dass se dat Gréisstméiglecht hei erauszéien, fir och all Schlëmmes ze verhënneren.

Ech bleiwen nach e bësselche bei deem dote Punkt vun och Pädopornografie, well do e Punkt war - ech hat zwee Punkten an der Direktiv, wou ech relativ vill am Europäesche Ministerot geschwat hunn, deen aneren huelen ech zum Schluss, well en e puermol hei ugeschwat gouf -, ee war dee vun dem Blockéieren oder dem Läsche vu pädopornografesche Siten.

Do hunn ech zum Beispill mat menger däitscher Kollegein, der Madame Leutheusser-Schnarrenberger, zu deene gehéiert, déi gesot hunn, mir dierften awer hei net iwwert d'Zil erausschëssen. Mir mussen oppassen, dass mer net aus dem Prätext, e Site kéint Pädopornografie sinn, dann iergendwéi alles blockéiere géifen, wat eis net gefält a wou mer dann d'Internetfräiheet a Fro stellen. Dat ass e ganz geféierlechen Exercice!

Dofir hu mer och gesot, dass et drëm geet ze läschen, a wann een net ka läschen, da kann ee blockéieren, wann een d'Motiver huet a wann een de Recours huet. Et kann een net einfach soen: Ech ginn elo duerch Google an alles, wou iergendwéi en Numm drop ass, wat iergendepes domat ze dinn huet...

Iwwregens ass mer och scho virkomm, wëll ech soen - ech maachen eng Klammer op -, also, an der Fonction publique hu mer jo e bësselchen och Websense, dass mer kucken, dass een net un alles kënnt. Ech wollt och eng Kéier eng Recherche maachen iwwer Kriminalitéit a Pädopornografie, ech hunn dunne e Stéchwuert eragin, do hunn ech mer selwer gesot als Fonction-publiques-Minister: „Dee Site dierfs de net kucke goen“ - et war zwar e Site mat de Gesetzer -, well d'Stéchwuert „Pädopornografie“ dra war. Mä dat ass jo gutt, dass mer dat mat Websense maachen, mä et kann net sinn, dass mer iergendwéi versichen, iwwert deen heiten Ëmwee d'Internetfräiheet a Fro ze stellen. Dat ass ëmmer deen Équilibre, deen ee muss maachen.

Dofir: Jo, blockéieren, wann een net ka läschen. Et kann een net ëmmer läschen, well ganz oft d'Serveren a Länner sinn, déi ausserhalb vun Europa sinn, da soll een an der provisoirescher Prozedur blockéieren. Ech wëll nach eng Kéier soen: De Problem ass bei der Pädopornografie um Internet manner deen, dass een déi googlet. Déi fënnt een net iwwert d'Googlen.

De Problem ass, dass dat ganz oft verschlësselt ass an dass ee sech muss ganz vill Méi ginn, fir iwwerhaupt an déi Réseauen eranzekommen. Sou dass manner de Problem ass vum Googlen, mä neen, de Problem ass, emol iwwerhaupt erauszefannen, wéi déi Réseae fonctionnéieren, well déi Leit, déi an deenen dote Réseae schaffen - an zesummen, do gi ganz vill Sue gemaach, mat där Pädopornografie um Internet -, well déi absolut verschlësselt schaffen an dass et einfach drëm geet, fir och an déi Verschlësslung eranzekommen, fir déi Réseauen ze sprengen a fir dann och do deene Leit d'Handwierk ze leeën.

Dofir wëll ech dat nach eng Kéier soen, dass dat, wat ech op deem enge Punkt gemaach hunn, fir ze soen, mir dierfen net iwwert d'Ziler erausschëssen an d'Internetfräiheet a Fro stellen, näischt domat ze dinn huet, wann ech soen, mir muss radikal géint Pädopornografie virgoen, déi e reelle Phenomeen ass a wou reell kriminell Energie wierklech dran agesat gëtt.

Deen zweete Punkt, fir deen ech mech an Europa vill agesat hunn, wou den hollännesche Kolleg zesumme mat mir en Amendement gemaach huet, deen zwar vum Conseil vun de Ministeren ugeholl gouf (veuillez lire: net ugeholl gouf), mä deen duerno vum Europaparlament - net gradesou hefteg, awer ëmmerhin - mat erëmgeholl gouf, dat ass deen, fir ze soen: Wann ee condemnéiert gouf wéinst Abus sexuel, da geet et net duer, dass een deem herno verbidde kann, fir an engem Beruff ze schaffen, dee mat Kanner eppes ze dinn huet, mä da muss een deem och verbidde, fir iwwerhaupt eng Aktivitéit, a sief se bënëvole, ze

iwwerhuelen, déi eppes mat Kanner ze dinn huet, well et hei net ëm eng Peine accessoire geet, mä well et hei ëm eng Preventioun geet.

Do si mer am Ministerot net duerchkomm an éischter Lecture. D'Europaparlament huet dat erëm opgeholl, e bëssen nuancéiert, awer opgeholl, an dunne an zweeter Lecture ass dat an den Text komm. Mir haten zu Lëtzebuerg schon en Text, deen e bëssen an där Richtung war, mä elo verstärke mer dat.

Dat war eng hefteg Diskussioun an der Chamber ginn, der Chamberskommissioun ginn, fir ze soen, wat ass elo d'Obligatioun vun de Veräiner. Et ass manner d'Obligatioun vun de Veräiner - ech mengen, et ass e puermol hei och gesot ginn, och vum Gilles Roth -, mä de Veräin huet d'Méiglechkeet, de Casier ze froen!

An da kommen ech op déi Fro, déi den Här Henckes gestallt huet, déi reell ass, mat den europäesche Casieren. Well déi heite Fro, déi ass manner ze kucke mat de Lëtzeburger Casieren, well mir sinn e klengt Land, do weess een oft, wien een astellt als Jugendtrainer. Sou, mä mir wëssen awer, ech war selwer - den „Feierkrop“ huet mech ëmmer genannt „der kleinste Basketballpräsident des Universums“ -, ech hunn also och ganz vill där Kontrakter ënnerschriwwen a mir sinn der ganz vill, fir qualifizéiert Leit ze fannen, och an d'Ausland siche gaangen. Do weess een net, wat am Casier ass, dofir ass dësse Projet ganz streng oder ganz extrem liiert mat engem, dee mer leider nach net fäerdeg hunn, well mer op dee leschten Avis vum Statsrot waarden, deen iwwert d'Vernetzung vun de Casieren.

Et geet also hei virun allem drëm, fir engem d'Méiglechkeet ze ginn, wann zum Beispill e Jugendtrainer sech mellit aus dem Ausland, fir do kënne gewuer ze ginn: Huet dee sech do eng Kéier eppes zuschëlle komme gelooss oder net? Et ass also dat, wat mer hei maachen. An dofir ass dësse Projet ganz liiert mat deem Projet vun de Casieren a vum System ECRIS, dee mer an Zukunft kréien, dass ee wierklech an Europa d'Casier ka matenee vernetzen an dass een dann effektiv dat gewuer gëtt.

Dofir wëll ech nach eng Kéier soen, dass et hei net eppes ass, wou mer wëllen de Veräiner méi administrativ Schwierigkeete maachen, mä hinnen d'Méiglechkeet ginn, fir eben och ze soen: „Majo, mir kënnen noutfalls nokontrolléieren, wie mer astellen!“, an doduerch och den Elteren eng gewësse Protektioun ze ginn an Assurance ze ginn, wa se d'Kanner an dee Veräin schécken.

Dat ass also eng Saach, nach eng Kéier, wou et eis wierklech drëm goug, dem hollännesche Kolleg a mir, fir ze soen, komm mir kucken och, dass mer déi bënëvole Aktivitéiten, dass mer och do kucken, dass mer do et kréien. Well ech soen lech et, dass ech méi Angscht heiansdo hu fir déi bënëvole Aktivitéiten, well jo och d'Veräiner, d'Leit am Comité si Bénévolen. Wa mer Crëchen hunn, wa mer offiziell Organer hunn, do hu mer Leit, déi professionell och kucken, wa se een astellen. An engem Veräin ass dat zu Lëtzebuerg esou: Déi Leit, déi am Comité sëtzen, dat sinn der, déi maachen dat niewelaanscht, an ech mengen, déi kréien hei eng Hëllefstellung, fir sou gewësse Garantien ze kréien. Dofir ass dat eng gutt Saach.

Dat lescht Wuert, dat war vum Félix Braz, fir ze soen: „D'Justiz, et ass net eleng e Justizproblem.“ Jo, selbstverständlech! Ech wëll awer dofir soen, dass d'Justiz notament de Jugendparquet, dass déi alles maachen, fir mat all deenen aneren zesummenzeschaffen - dofir hunn ech LISA Stoline genannt -, dass op alle Fall d'Justizorganer do sinn, fir mat aneren zesummenzeschaffen, an dass et effektiv wichteg ass, preventiv ze schaffen a preventiv eis Kanner op eng Partie Saachen opmierksam ze maachen.

Ech erënneren un e Film - ech si jo och Filmminister -, ech erënneren un e Film, deen esou al ass wéi ech: „Es geschah am hellichten Tag“ mam Heinz Rühmann, mam Heinz, schwarz-wäiss, mam Heinz Rühmann no engem Dréibuch vum Dürrenmatt. Herno huet den Dürrenmatt aus dem Dréibuch e Roman gemaach, „Das Versprechen“, deen iwwregens an engem ganz interessante Remake mam Jack Nicholson virun e puer Joer erëm verfilmt gouf.

Dee Film, dat war deemools, just fir dat ze soen, den Dürrenmatt ass deemools vun der Schwäiz gefrot ginn, dat Dréibuch ze schreiwen, well se dovun ausgaange sinn, dass, wann een esou e Film mécht, méi bei de Kanner hänke bleift wéi bei all offiziell Avisen an all offiziell Dëngen.

Dofir soen ech, et ass ganz wichteg, dass mer hei Campagnes préventives maachen an dass mer... Dat kascht net ëmmer alles, mir mussen och net ëmmer Filmer maachen. Mä ech mengen, dass et wichteg ass, dass ee matzäiten

d'Kanner opmierksam drop mécht, dass se sech selwer mussen schützen.

Da kommen ech op eng Fro zrëck, déi mer haut net gestallt kruten, vun der Verjährung an esou weider, wou ech nach ëmmer soen: Wichteg ass, dass Kanner an Elteren, wann eppes geschitt ass, net waarden, net Angscht hunn, fir sech ze beschwéieren, mä de Courage hunn, encouragéiert sinn, accompagnéiert ginn, fir dat public ze maachen, wat hinne geschitt ass. Well wann ee wierklech wëllt engem eppes nowiesen, da muss een esou séier wéi méiglech dat nowiesen an esou mann wéi méiglech laang waarden. Och dat ass e wichteg Element, wat mer mussen hunn, fir dass mer d'Abus sexuels verhënneren an net herno mussen bestrofen.

Ech soen lech awer duerfir Merci fir déi Unanimitéit, déi mer haut an der Chamber hunn.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Justizminister. Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss, a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6408 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6408 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert (par Mme Nancy Arendt), Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner (par M. Fernand Etgen);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

MM. Jean Colombero et Jacques-Yves Henckes.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Als nächste Punkt hu mer eng Konsultationsdebat iwwert d'Reform vum Nationalitéitengesetz. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 2 festgeluecht, an et hu sech bis elo ageschriwwen...

(Interruption)

Jo, mir kënnen och elo direkt nach, dann ier mer zum Débat de consultation kommen, par...

Wëllt nach een dozou d'Wuert ergräifen? Jo, dann der Rei no.

(Interruptions diverses)

Här Kartheiser, Dir wollt elo nach zu der Resolution schwätzen, an den Här Henckes och nach?

► **Une voix.**- Neen, neen!

► **M. le Président.**- Just den Här Kartheiser.

Här Kartheiser, da kritt Dir d'Wuert.

6. Résolution de M. Alex Bodry relative à l'élargissement de la mission initiale de la Commission d'enquête sur le Service de Renseignement de l'État aux missions, à l'organisation, au mode de fonctionnement et au contrôle du Service de Renseignement

Discussion générale

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, ech soen lech Merci. Ech soen och dem Här Bodry Merci fir deen Text, deen en eis hei virgeluecht huet. Ech hunn dat do gelies an ech hunn awer do eng Rei Froen.

Dat hei geet ganz wäit. Ech fannen, natierlech kann e Parlament dann och froen an en-

quêtéieren, dat steet jo iwwerhaupt hei guer net zur Debat! Allerdéngs geet et hei och ëm esou Saache wéi d'Missioun vum Dëngscht «collecte, traitement des informations», den «personnel du Service de Renseignement» an esou weider, wou ech mech da froen: Wéi eng Garantien hu mer dann nach, dass do keng Missiounen a Gefor komme respektiv keng Leit a Gefor kommen, déi un esou Missiounen bedeelegt sinn, sief et, dass se direkt am Renseignement schaffen, sief et, dass se fir de Renseignement bei Missiounen bedeelegt sinn?

An ech mengen, ier mer dat hei stëmmen, sollte mer weinstens emol eng Garantie kréie vum President vun der Kommissioun, dass mer hei net onbeduecht Leit a Gefor bréngen do-duerch, dass d'Parlament engem berechtigter Willen no Opklärung noheet, awer vläicht do-duerch aner Sécherheetsinteresse vum Land oder vu bedeelegter Persoun kéint a Gefor bréngen.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. Den Här Bodry äntwert dodrop.

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *auteur.*- Jo, ech mengen, et ass kee Problem, fir dorobber ze äntwerten. Ech mengen, déi Aart a Weis, wéi d'Kommissioun, op jidde Fall bis elo, geschafft huet - dat mécht se schon etlech Wochen -, weist, dass se hir Missioun seriö hëlt. Si weess, dass se an enger sensibeler Matière schafft, wou sech och Froe vu Confidentialitéit stellen. Dat ass, mengen ech, bis elo absolut respektéiert ginn.

A selbstverständlech gëllt och fir d'Enquêtekommissioun de Quelleschutz! D'Protection des sources ass ganz staark an eiser Gesetzgebung geschützt, an ech wäert och derfir suergen an all Member vun der Kommissioun wäert derfir suergen, dass dee Quelleschutz selbstverständlech an deem heite Fall respektéiert bleift.

Wa mer do schreiwen, mir wëllen och iwwer Personalfroen diskutéieren, dann huet sech dat erginn, well sech effektiv eng Rei vu Problematike ronderëm déi dote Froe stellen. Dat ass och ee Kapitel, en Titel vun engem Kapitel vum Gesetz vun 2004. Mir wollte ganz einfach eis Missioun esou large gesinn, dass mer och déi eenzel Punkten, déi am Gesetz vun 2004 beim Service de Renseignement geregelt sinn, dass mer déi och nach eng Kéier op de Leescht huelen an iwwerpräiwen.

Dat heescht net, dass mer verlaangen, dass mer elo eng Lëscht kréie vu sämtlechen Informanten vum Service de Renseignement, dat schéngt mer selbstverständlech ze sinn! Et huet och bis elo nach kee Member vun der Kommissioun eng ähnlech Demande och nëmme formuléiert. Also, ech menge schon, dass mer wëssen, wéi mer un déi Aarbecht eruginn: op där anerer Säit mam Willen natierlech, eng uerdentlech, eng propper Enquête ze maachen, awer selbstverständlech am Respekt vun de Gesetzer, déi sech och de Membere vun enger Enquêtekommissioun imposéieren.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bodry. Wa soss keng Wuertmeldung méi ass, géif ech proposéieren, dass mer à main levée iwwert déi Resolution ofstëmmen.

(M. Michel Wolter quitte la salle en vue de ne pas participer au vote.)

Vote sur la résolution

Wien ass mat där Resolution d'accord?

Ech mengen, dat war e Vote à l'unanimité. Domadder wär déi Resolution ugeholl.

Mir hunn dann als nächste Punkt d'Konsultationsdebat iwwert d'Reform vum Nationalitéitengesetz. D'Riedezäit ass hei nom Modell 2 festgeluecht, an et hu sech, wéi gesot, bis elo ageschriwwen: déi Häre Roth, Bettel, Bodry, Braz, Kartheiser an Henckes.

Elo kritt fir d'Alleréischte de Justizminister, den Här François Biltgen, d'Wuert.

7. Débat de consultation sur la réforme du droit de la nationalité luxembourgeoise

Exposé

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice.*- Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, ech si ganz frou, dass mer de Mëtteg déi Debat kënne féieren. Ech hunn héieren, dass ech 40 Minutten am Ufank hunn a 40 Minutten zum Schluss. Ech wäert déi 40 Minutten am Ufank net benotzen. Ech wäert se awer